N° 8282
Entrée le 15.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8282 vum 4. September 2023 vun den honorabelen Deputéierten Nancy Arendt ép. Kemp, Laurent Mosar a Georges Mischo**

1) **Kann den Här Minister de beschriwwene Fall confirméieren? Wa jo, aus wéi engem Grond ass den American-Football-Spiller opgefuerdert ginn, Rendezvous bei engem Psychiater ze huelen?**

De Contrôle médico-sportif gëtt no Krittären a Prozeduren ofgehalen déi am ofgeännerte groussherzogleche Reglement vum 23ten Dezember 2016 festgehale sinn an zum Volet vun der Preventivmedezin gehéieren.

Bei der Evaluatioun vun engem Dossier baséiert sech Division médico-sportive (DMS) aus dem Sportsministère zousätzlech op d'Recommandatioune vun der Société européenne de cardiologie.

Fir en Dossier auszewäerte, gëtt speziell no kardiovaskuläre Risikofacteure gekuckt, notamment:

- Den Alter vum Sportler*in;
- D'Geschlecht vum Sportler*in;
- De Bluttdrock vum Sportler*in;
- Diabetes;
- D'Iwwergewiicht, mat der Berécksiichtegung vum Tour de taille;
- Den Tabagissem;
- D'Sportsdisziplin.

Bei engem Zesummespill vun e puer vun dëse Risikofacteure gëtt eng zousätzlech Kontroll beim Hausdokter an/oder Spezialist gefrot, éier eng Decisioun iwwer d'Sportfäegkeet geholl gëtt. Esoubal den zousätzleche Bilan virläit, gëtt iwwer eng definitiv Sportfäegkeet fir de Kompetitiounssport entscheet. Hei gëllt et nach eng Kéier ze betounen, dass de Contrôle médico-sportif just fir de Kompetitiounssport zoustänneg ass.

Spezifesch Detailer aus engem konkreten Dossier vum Contrôle médico-sportif ënnerleien esouwuel dem Secret médical, wéi och der Protection des Données am Allgemengen a kënnen deemno net hei kommunizéiert oder kommentéiert ginn.

Ouni elo op Detailer an engem konkreten Dossier an ze goen aus deenen hei uewen driwwer erkläerten Ursaachen, kann ech just generell confirméieren, dass DMS bei verschidden uewe genannte Risikofacteuren en Avis an der Clinique de l'obésité freet.

D'DMS huet awer keen Afloss op déi intern Prozedure vun der Prise en charge vun engem Patient an der Clinique de l'obésité a weess deemno och net, wéi eng zousätzlech Bilanen oder Tester an deem Fall weider gemaach oder gefrot ginn.

**2) Hält den Här Minister déi konsequent Applicatioun vun de Reegele vum BMI duerch de „Service médico-sportif" am beschriwwene Fall fir adaptéiert oder ass hien der Meenung, dass et fir bestëmmte Sportaarten eng Ausnamereegelung misst ginn?**

Et ass wichteg ze ënnersträichen dass net eleng de BMI ausschlaggebend ass fir en zousätzleche Bilan beim Hausdokter an/oder Spezialist unzefroen. Esou ass d'Sportsdisziplin ee vu ville Facteuren déi bei der Evaluatioun vun engem Dossier berécksiichtegt ginn.

Et gëtt awer aus medezinescher Siicht kee Grond fir spezifesch Krittären, eleng op Grond vun enger Sportsdisziplin, unzewenden.

De Contrôle médico-sportif setzt den eenzele Sportler*in ganzheetlech an de Mëttelpunkt vun der Evaluatioun. Deemno ass d'Sportaart just ee vu ville Facteuren, déi gekuckt ginn.

**3) Sinn nach weider, ähnlech gelagert Fäll bekannt an op wéi eng Sportaarte bezéien se sech?**

All Dossier a Fäll aus dem Contrôle médico-sportif ënnerleien esouwuel dem Secret médical, wéi och der Protection des Données am Allgemengen a kënnen deemno och net kommunizéiert ginn.

**Luxembourg, le 15 septembre 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel